

Gemeng Rammerich, Gemengerotssëtzung vum 16. September 2021

Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d'Bestëmmen vum Uert vun de Gemengerotssëtzungen.
2. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle mam Ziel vun engem spéidere Lotissement.
3. Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit fir den Artikel 4/831/221311/13018 „Remise en état du centre culturel de Folschette“ vum Budget fir ausseruerdentlech Depense vun der Gemeng Rammerich fir dat lafend Joer.
4. Deliberatioun iwwer d'Demande vun Zousazkrediter fir de Budget fir uerdentlech Depense vun der Gemeng Rammerich fir den Exercice 2021 (Budgetsännerung 1/2021).
5. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vum Taux vun der Grondsteuer fir den Exercice 2022.
6. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vum Taux vun der Gewerbesteier fir den Exercice 2022.
7. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Vertrag „Pacte Climat 2.0“.
8. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Kollaboratiounsvertrag fir d'Liwwerung vun „Repas sur roues“.
9. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun mat „Youth & Work“ s.à.r.l.-SIS.
10. Deliberatioun iwwer en Avis am Zesammenhang mam zweete Plang fir d'Gestioun vun de Risike vun Iwwerschwemmungen.
11. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun notariellen Akten.
12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Loyerskontrakt betreffend e Gemengegebai zu Rammerich.
13. Deliberatioun iwwer de Reklassement vum ëffentlechen Domän an de privaten Domän vun der Gemeng vun enger Parzell an der Rue de l'Eglise zu Wolwen.
14. Revisioun vum Tableau de préséance vum Gemengerot.
15. Deliberatioun iwwer d'Bestëmmen vun engem Stellvertrieder vum Vertrieder vun der Gemeng Rammerich an der regionaler Kommissioun „Uewersauer Stauséi“.
16. Deliberatioun iwwer d'Verdeele vun enger Rei ausseruerdentleche Subsidien.
17. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen drénglechen an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.
18. Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.
19. Délibératioun iwwer d'Geneemegung vu Recettendeklaratiounen.

20. Demissioun vun engem Employé vun der Gemeng. (net an öffentlecher Sëtzung)

Un der Sëtzung huelen deel:

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV).

Gemengerot: Michelle Ensch (DP), Sascha Hengen (LSAP), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP) Patrick Schuller (LSAP).

Fir den entschëlligte Gemengesekretär: Conny Wantz

Et feelt entschëllegt:

D'Conseillère Sonja Kettmann (CSV) kann aus beruffleche Grënn net un der Sëtzung deel huelen.

1. Deliberatioun iwwer d'Bestëmmen vum Uert vun de Gemengerotssëtzungen

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) begrësst d'Memberen zur éischter Gemengerotssëtzung no der Summerpaus. D'Sëtzung fënnt fir d'éischt zanter Ufank vun der Covid-19-Pandemie rëm am Sëtzungssall vum Gemengenhais zu Rammerich statt, an zwar ënnert dem „Covid-Check“-Regime. De Schäfferot proposéiert, dat ab elo sou weiderzeféieren.

D'Propos gëtt eestëmmeg ugeholl.

2. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle mam Ziel vun engem spéidere Lotissement.

Zwou Parzelle mat de Kadasternummere 928/3423 an 948/3071 zu Rammerich sollen opgedeelt ginn, fir nei Lotissementer ze schafen. De Buergermeeschter geet kuerz op d'Lag vun deenen zwou Parzellen an.

D'Opdeele vun deenen zwou Parzelle gëtt eestëmmeg bewëllegt.

3. Deliberatioun iwwer d'Demande vun engem Zousazkredit fir den Artikel 4/831/221311/13018 „Remise en état du centre culturel de Folschette“ vum Budget fir ausseruerdentlech Depense vun der Gemeng Rammerich fir dat lafend Joer.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erklärt, dass d'Gemeng amgaang ass d'Dusche vum Centre culturel zu Folscht nei ze maachen. Initial wieren am Budget 250.000 Euro fir déi Aarbechte virgesi gewiescht, mee et léich een lo scho bei engem Montant vu ronn 260.000 Euro, deen ze bezuele wier. Well am aktuelle Budget just nach 224.000 Euro disponibel wieren, géif also en Découvert vu 35.000 Euro bleiwen. De Schäfferot freet dowéinst en Zousazkredit vu 50.000 Euro, fir d'Käschten ze decken an eng Reserve fir weider onerwaarten Ausgaben ze schafen. De Buergermeeschter erklärt, dass dee Montant vum Artikel 4/494/221312/12008 betreffend d'Renovatioun vum Camping zu Holz kéint ofgezu ginn, well déi Aarbechten dëst Joer sécher net

méi kéinte gemaach ginn. D'Autorisatioun fir de Camping wiere lo awer erakomm, an de geännerte Projet kéint an enger vun de kommende Sëtzunge virgestallt ginn.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) wëll wëssen, firwat an der Tabell, déi dem Gemengerot zu deem Projet virläit, déi zwee Punkte betreffen d'Fassade an d'Ventilatioun mat engem Froenzeche gekennzeechent sinn. De Buergermeeschter erkläert, dass d'Fassade dës Joer net méi gemaach gëtt, an dass d'Ventilatioun lo manner opwänneg gemaach gëtt, wéi uganks virgesi war. Op Nofro vum Conseiller Patrick Schuller (LSAP) gëtt den Antoine Rodesch un, dass nach keng nei Offer fir d'Ventilatioun virleech, sou dass de genaue Montant vum Découvert nach net ze beziffere wier.

Den Zousazkredit gëtt eestëmmeg geneemegt.

4. Deliberatioun iwwer d'Demande vun Zousazkrediter fir de Budget fir uerdentlech Depense vun der Gemeng Rammerich fir den Exercice 2021 (Budgetsännerung 1/2021)

De Buergermeeschter erkläert, dass eng Rei uerdentlech Depense méi héich ausgefall wiere wéi am Budget virgesinn, ënner anerem wéinst der Covid-19-Pandemie. Dofir missten Zousazkrediter gestëmmt ginn.

D'Zousazkrediter fir de Budget vun den uerdentlechen Depense ginn eestëmmeg geneemegt.

5. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vum Taux vun der Grondsteuer fir den Exercice 2022

De Schäfferot proposéiert, fir den Taux vun der Grondsteuer während dem Exercice 2022 onverännert bei 400% ze loossen.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) bedauert, dass d'Gemeng Rammerich bei der Grondsteuer nach ëmmer just eng Klass B fir all privat Parzellen huet, an net déi sechs verschidde Klassen, déi an de meeschte Gemenge géife gëllen. Dofir géif d'LSAP-Fraktioun och dës Kéier géint d'Propositioun stëmmen. De Buergermeeschter erkläert, dass de Schäfferot bei dem Punkt op senger Positioun wéilt bleiwen.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) bemierkt, dass de Virschlag vum Schäfferot net an den Ënnerlagen ass. De Buergermeeschter verspricht, dass dat an Zukunft de Fall ass.

D'Propositioun zum Taux vun der Grondsteuer fir 2022 gëtt mat dräi Géigestëmmen ugeholl.

6. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vum Taux vun der Gewerbesteier fir den Exercice 2022

De Schäfferot proposéiert, den Taux vun der Gewerbesteier onverännert bei 280 % ze loossen.

D'Propositioun zum Taux vun der Gewerbesteier fir 2022 gëtt eestëmmeg ugeholl.

7. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Vertrag „Pacte Climat 2.0“

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erkläert, dass d'Gemeng nom Auslafe vum éischte Klimapakt sech lo och am neie Klimapakt 2.0 wéilt engagéieren. Et hätt schonn éischt Entrevüë mat

de Responsabele ginn an d'Mesure géifen sech am Kader vum neie Plang an der Kontinuitéit beweegen. Déi zwee gréisste Projete wieren de Wandpark an déi nei Heizung bei der Kietschter Schoul. Donieft géif et natierlech eng ganz Rei méi kleng Measure ginn. De „Klimatteam“ soll an Zukunft anescht organiséiert ginn, well d'Erfahrung mam ale System a ville Gemenge net nëmme gutt gewiescht wieren. Et wéilt een éischer op de Wee goe, fir Colloque mat méi Leit ze maachen.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) freet, op d'Klimatteam awer bestoe bleift. D'Schäffin Myriam Binck (CSV) bestätegt dass et weider Klimateteame wäert ginn, mee dass de Staat d'Aarbecht vun den Teamen aneschtens organiséiere wéilt. Et hätt sech gewisen, dass een Treffte vum Team all Mount zu Frustratioune géif féiere, wéll d'Mesure meeschtens net sou séier ëngesat kéinte ginn.

D'Conseillère Myriam Picard freet, wisou am Vertrag en interne Klimaberoder ernimmt gëtt an op d'Gemeng eng Persoun dofir astelle wéilt. De Schäfferot erkläert, dass d'Gemeng weider mam Klimaberoder vum Kanton Réiden, dem Stéphane Devillet, zesumme schaffe wéilt. Et wier keng Astellung geplangt.

De Vertrag zum „Pacte Climat 2.0“ gëtt eestëmmeg bewëllegt.

8. Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vum Kollaboratiounsvertrag fir d'Liwwerung vun „Repas sur roues“

De Gemengerot soll de Vertrag mat der Croix Rouge fir d'Liwwerung vun de „Repas sur roues“ bewëllegen. De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) bemierkt, dass d'Käschte fir dee Service ëmmer méi héich géife ginn, an dass e net vu ville Leit an der Gemeng genotzt géing ginn. Et kéint een awer kaum drop verzichten, well déi Leit, déi de Service notzen, bräichten en och wierklech. An der Gemeng Réiden wier een op de Wee gaangen, fir d' Moolzechte bei engem private Fournisseur aus der Gemeng ze beschafen. Dat wier awer zu Rammerich keng Alternativ. Wa spéider eng Kéier d'Altersheim do wier, géif sech eng aner Méiglechkeet bidden, mee am Moment hätt d'Gemeng keng aner Méiglechkeet, fir dee Service unzebidden.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) erënnert drun, dass de Präis vun engem Menü bei 15 Euro fir de Client läit, an dass d'Gemeng zousätzlech 10 Euro pro Menü bäisteiert. Sie geet dovun aus, dass esou den Defizit kompenséiert gëtt, deen de Service zanter Jore maache géif. Sie hätt unhand vun de Budgete vun de leschte Joren nogerechent, wat d'Gemeng géif bäisteieren. Déi Zomm hätt téschent 2 an 8 Euro variéiert a léich also am Moment mat 10 Euro méi héich. Sie wéllt wëssen, wou déi Hausse an de leschte Joren hierkënt. De Buergermeeschter gëtt un, dorobber keng Äntwert ze wëssen, wéll déi läscht Reunioun mat de Responsabele vun der Croix Rouge ausgefall wier.

De Schäffe Mike Bolmer (CSV) mierkt un, dass an där Zäit d'Gemeng Mamer als grouse Client ofgespronge wier, sou dass déi Käschte wuel op aner Cliente verdeelt gi wieren. D'Conseillère Myriam Picard bedauert, dass de Schäfferot de Grond vum Defizit nach ëmmer net nogefrot huet. De Buergermeeschter Antoine Rodesch mierkt un, dass fréier Pensionnaren als Chaufferen agesat gi wieren. Da wier lo net méi sou, wat wuel och dozou bäigedroen hätt, dass de Service net méi käschtedeckend funktionéiere géif.

D'Conseillère Myriam Picard wéllt wëssen, op de Schäfferot sech schonn iwwert d'Offere vun anere Fournisseuren informéiert hätt, fir dass d'Conseillere aschätze kéinten, op d' Präisser vun der Croix Rouge och realistesch wieren. Laut Buergermeeschter wier dat net de Fall. D'Myriam

Picard bedauert, dass dat net geschitt ass. D'Membere vum Gemengerot hätten deemno keng Méiglechkeet, transparent Vergläicher unzesstellen.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) fuerdert, dass de Schäfferot déi Informatiounen fir déi nächst Gemengerotssëtzung nofreet. Et kéint net sinn, dass d'Gemeng zanter Joren en Defizit matfinanzéiert, vun deem se net wéisst, wou en hierkéim. De Conseiller freet och, op de Schäfferot net gekuckt hätt, fir e Fournisseur aus der Gemeng ze fannen.

D'Schäffin Myriam Binck (CSV) seet, de Schäfferot hätt no engem Fournisseur an der Gemeng gekuckt. De Problem wier awer, dass verschidde Leit e spezielle Regime bräichten oder bei der Iessensliwwerung och Insulin gesprëtz kréichen. Sou Servicer kéinte Restaurateuren net assuréieren.

D'Conseillère Myriam Picard bemierkt, dass Servior sou Servicer och géif ubidden. Bei deem Fournisseur wier d'Offer och méi transparent wéi bei der Croix Rouge.

De Conseiller Sascha Hengen wëll wëssen, wéi vill Persounen an der Gemeng de Service aktuell notzen. Laut Schäfferot kréie momentan nëmme 7 Persounen e „Repas sur roues“.

De Conseiller Patrick Schuller (LSAP) freet sech, op d'Moolzechten net an der Kantin vun der Schoul zoubereet a vun der Gemeng ausgelievert kéinte ginn. Hien ass der Meenung, de Schäfferot sollt sech iwwert sou eng Léisung Gedanken maachen. D'Schäffin Myriam Binck erklärt, dass de Schäfferot beim Bau vun enger neier Schoul eng Kantin wéilt, an där och Leit vun Ausserhalb iesse kéinten. Am Moment wier dat awer net méiglech. Beim Zoubereeden an Ausliwwere géifen egal wéi d'Problemer vun de Regimmen an vun der paramedezinescher Betreuung bleiwen. De Patrick Schuller weist drop hin, dass d'Schoulkantin och elo scho géif speziell Regimmen ubidden, an dass eenzel Kanner mat Diabetes och Insulin kréichen.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch seet, dass et fir d'Joer keng Alternativ géif ginn, mee de Schäfferot wéilt sech awer fir d'nächst Joer informéieren, wéi eng Konditiounen Servior ubitt.

De Kollaboratiounsvertrag gëtt mat 7 Jo- an 3 Nee-Stëmme geneemegt.

9. Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun der Konventioun mat „Youth & Work“ s.à.r.l.-SIS

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erklärt dass et sech bei „Youth & Work“ ëm eng Organisatioun géif handeln, déi jonke Leit an enger prekärer Situatioun hëlleft, eng Aarbechtsplaz oder eng Ausbildung ze fannen. Hien ass der Meenung, dass et sech ëm eng wichteg Aufgab handelt, déi dofir vun der Gemeng ënnerstëtzt misst ginn.

D'Konventioun mat „Youth & Work“ gëtt eestëmmeg ugeholl.

10. Deliberatioun iwwert en Avis betreffend den 2. Plang fir d'Gestioun vun den Risike vun Iwwerschwemmungen

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erklärt, dass de Gemengerot opgeruff wier, säin Avis ofzeginn iwwert den „2^{ième} plan de gestion des risques d'inondations“ vum Ministère fir Ëmwelt, Klimaschutz an nohalteg Entwécklung. Well et mat der Bungeffer Millen an der Gemeng am Fong just eng Plaz géif ginn, wou Iwwerschwemmung e reellt Risiko duerstellen, géif de Schäfferot virschloen, keng weider Observatiounen un de Ministère ze ginn.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) mécht och hei d'Bemierkung, dass de Gemengerot d'Proposition vum Schäfferot net schréftlech virleien huet. Hie wënscht, dass an Zukunft virun der Sëtzung all d'Ënnerlagen disponibel sinn.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) freet, op d'Gemeng e Stock u Sandsäck hätt. De Buergermeeschter gétt zou, dat net ze wëssen. D'Gemeng kéint awer am Noutfall sécher Sandsäck beim CGDIS zu Lëntgen beschafen. De Schäfferot verspricht no enger Diskussioun iwwert d'Logistik, op mannst e Stock vun 1-2 Palette Sandsäck ze beschafe, fir déi am Noutfall an der Gemeng op Lager ze hunn.

Den Avis gétt eestëmmeg ugeholl.

11. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun notariellen Akten

De Gemengerot soll zwee notariell Akte geneemegen, déi de Verkaf, respektiv d'Cession gratuite vun zwou kleng Parzellen zu Wolwen an zu Bilschdref betreffen.

Béid notariell Akte ginn eestëmmeg geneemegt.

12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Loyerskontrakt betreffend e Gemengegebai zu Rammerich

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erënnert drun, dass d'Gemeng am fréiere Policegebai paramedezinesch Beruffer wéilt usidelen, nodeems de Kommissariat zougemaach gouf. No engem Opruff an der Zeitung hätten sech eng Rei Interessente gemellt. Laut Antoine Rodesch wéilt een 3-4 Leit erakréien, de Loyer fir e grouse Raum léich bei 700 Euro, déi kleng Reim géife fir 350 Euro verlount ginn. De Gemengerot soll elo en éischte Loyerskontrakt mat der Orthophonistin Christine Thoma guttheeschen, déi e grouse Raum lount.

D'Schäffin Myriam Binck ënnersträicht, dass ee bewosst eng komplementar Offer zu den Doktere schafe wollt, déi sech schonn an der Gemeng niddergelooss hunn. Et hätt een och d'Lescht mat de gewënschte paramedezinesche Beruffer an enker Zesummenaarbecht mat den Dokteren ausgeschafft. Sie gétt awer och ze bedenken, dass et net einfach wier, fir sou Leit an de ländleche Raum ze zéien. Et misst een deemno kucke, wéi déi Saach sech entwéckelt.

D'Conseillère Myriam Picard wëll wëssen, firwat de Loyerskontrakt géif virgesinn, dass de Locataire d'Charge fir Telefon an Internet dréit. Dat wier hirer Meenung no am Centre médical bei den Dokteren net esou. De Schäfferot erkläert, dass d'Dokteren en eegene Fournisseur an eng Telefonszentral hätten.

De Loyerskontrakt gétt eestëmmeg bewëllegt.

13. Deliberatioun iwwert de Reklassement vum öffentlechen Domän an de privaten Domän vun der Gemeng vun enger Parzell an der Rue de l'Eglise zu Wolwen

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erkläert, dass eng Parzell an der Rue de l'Eglise zu Wolwen muss vum öffentlechen Domän an de privaten Domän vun der Gemeng ëmklasséiert ginn, well se cedéiert gétt.

De Reklassement gëtt eestëmmeg bewëllegt.

14. Revisioun vum Tableau de préséance vum Gemengerot

Nom Antrëtt vun der Conseillère Michelle Brickler (DP) an de Gemengerot muss de neien Tableau de préséance approvéiert ginn.

D'Revisioun vum Tableau de préséance gëtt eestëmmeg ugeholl.

15. Deliberatioun iwwer d'Bestëmme vun engem Stellvertrieder vum Vertrieder vun der Gemeng Rammerich an der regionaler Kommissioun „Uewersauer Stauséi“

Der Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erënnert drun, dass an der Sëtzung vum 15. Juli de Vertrieder vun der Gemeng an der regionaler Kommissioun „Uewersauer Stauséi“ bestëmmt gouf. Lo géif et drëm goen, och nach e Stellvertrieder ze bestëmmen.

D'Schäffin Myriam Binck (CSV) gëtt am geheime Vott mat 9 Jo- an enger Nee-Stëmm als Stellvertriederin bestëmmt.

16. Deliberatioun iwwer d'Verdeele vun enger Rei ausseruerdentleche Subsiden

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erkläert, dass d'Gemeng jeeeweils 250 Euro fir d'Kolpecher Schlassfest, respektiv als järeliche Bäitrag fir d'„Entente des Syndicats d'Initiative de la Haute-Sûre“ spende wëilt.

Dobäi kéim jeeeweils eng finanziell Hëllef fir d'Sozialämter vun de Gemenge Rouspert-Mompesch an Iechternach, fir den Affer vun der Iwwerschwemmungskatastroph am Juli ze hëllefen. De Schäfferot wëilt dem Gemengerot et iwwerloossen, fir d'Héicht vun där Hëllef ze fixéieren, ouni awer iwwer eng Gesamtzomm vun 5.000 Euro erauszegoen. D'Membere vum Gemengerot eenegen sech no enger kuerzer Diskussioun drop, fir béide Gemenge jeeeweils 2.500 Euro ze spenden.

Déi ausseruerdentlech Subside ginn eestëmmeg bewëllegt.

17. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen drénglechen an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer

De Gemengerot soll dräi drénglech an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer betreffend Chantieren zu Päreil, Kietscht, an Holz geneemegen.

D'Verkéiersreglementer ginn eestëmmeg ugeholl.

18. Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot

D'LSAP-Fraktioun huet zwou schrëftlech Froen un de Schäfferot agereecht.

Déi éischt Fro betrëfft eng Konventioun fir d'Bereetstelle vun engem Lokal fir d'ONG „EDI Madagascar“, déi d'Gemeng viru Kuerzem ënnerschriwwen hätt. D'LSAP-Conseillere wëlle wëssen, op och sou Konventiounen mat anere Veräiner oder mat Leit, déi Course géif ginn, ofgeschloss gi wieren. De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erklärt, dass dat net de Fall wier, well déi meescht Veräiner hiert fest Lokal hätten, an et och ni Problemer ginn hätt. D'Schäfte Myriam Binck (CSV) seet, d'Gemeng wëilt sou Konventiounen da maache, wann eng Kéier ganz nei Säll gebaut ginn. De Schäfferot wier awer bereet, sou Konventiounen ofzeschléissen, wann d'Veräiner dat wëilten. Wat d'Coursen ugeet, do wier et sou, dass d'Gemeng e Lokal zur Verfügung stellt an e Kontrakt mat der Persoun mécht, déi de Cours hält. Just am Fall vun den Danzcoursë wier effektiv e Vertrag iwwert d'Bereetstelle vum Sall ënnerschriwwen ginn.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) fënnt, dass sou e Vertrag wichteg ass, fir dass d'Reegele bei der Notzung vum Sall agehale ginn. De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) ass der Meenung, dass esou e Vertrag mat Privatleit misst ofgeschloss ginn, wa se duerch hir Aktivitéit am Lokal vun der Gemeng Sue verdénge géifen.

Déi zweet Fro betrëfft d'Rapporte vun de leschte puer Gemengerotssätzungen. D'LSAP-Fraktioun wëll wëssen, wéini déi Rapporten disponibel wieren, an op d'Membere vum Gemengerot och d'Originalversiounen, wéi se vun der Agence „Brain & More“ un d'Gemeng geliwwert ginn, kréie kéinten. D'LSAP-Conseillere wëllen och wëssen, op d'Rapporten dann um Internetsite vun der Gemeng verëffentlecht ginn. De Buergermeeschter Antoine Rodesch erklärt, dass am nächste Buet ee Rapport verëffentlech gëtt, an zwee aner Rapporten nach net vum Gemengesekretär Marc Pletgen fäerdeg verbessert wieren. Soubal dat gemaach wier, géif och alles op den Internetsite gesat ginn.

De Conseiller Sascha Hengen freet, wat genau an de Rapporten géif verbessert ginn. De Buergermeeschter geet dovun aus, dass et sech ëm klenger Feeler handelt. D'Conseillère Myriam Picard wënscht, dass d'Conseillere d'Rapporten sou séier wéi méiglech kréien, och wann se nach net verbessert wieren. Si ass och der Meenung, dass d'Rapporte virun der Verëffentlechung am Buet schon op den Internetsite gesat sollte ginn. De Schäfferot verspricht, deem nozekommen.

19. Délibération iwer d'Geneemegung vu Recettendeklaratiounen

De Gemengerot geneemegt Deklaratiounen vu verschiddene Recetten am laafende Budget.

20. Demission vum enger Employée vun der Gemeng

De Gemengerot beréit a geschlossener Sëtzung iwwert d'Demission vum der Employée Conny Hendrickx vun hirer Funktioun als diploméiert Educatrice.

D'Demission gëtt eestëmmege accordéiert.